# Section de Compétition

September
02

Dëst Joer fënnt Weltmeeschterschaft an Portugal statt. Gefëscht gëtt ob enger Regattastreck no bei der Stad Montemor o Velho. Eis Équipe besteet aus den Fëscher Thinnes Mike, Thinnes Luc, Tarayre Alain, Weber Marc, Conrady Pit an mir selwer. Coach ass eisen Erny Wagner an als Offiziellen ass den Schmidt Rol och nees dëst Joer derbäi. Mir hunn awer och dëst Joer och weider Supporteren ob der Platz déi eis ënnerstëtzen. Dat sinn Steffen Mike, Tarayre Annie, Raach Valentin an säin Bouf den Mike.

Wéi all Joer probéieren ech och des Kéier Iech all doheem en Courant ze halen an all Dag mat engem klengen Bericht an Fotoen Iech ze informéieren.

Muer deen éischten Training, wäert mech muer den Owend dann och nees mellen.

Schéin Gréiss vun der Équipe déi momentan zu Figeira da Foz ob enger Terrasse setzt fir een klengen Fëschplateau ze genéissen.












MAISON DE PECHE